

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Säit dem Gesetz vum 10. August 2018 "relative à la modification du sexe et du/des prénoms à l'état civil" kënnen Leit, déi sech als "Transgender" fillen, iwwer eng einfach Demande un de Justizministär hiert Geschlecht zivilrechtlech änneren loossen, ouni dobäi iergendeng medezinesch oder psychologesch Attestatioun virzeleeën. Vun dësem Gesetz ginn net just groussjäreg Persounen, mee och Kanner a Jugendlecher erfaasst. Bei Kanner, déi 12 oder méi Joer al sinn, ass souwuel den Accord vum Kand wéi och den Accord vu sengen Elteren/Erzéiungsberechtegten noutwenneg. Bei Kanner tëscht 5 an 12 Joer seet d'Gesetz:

Les titulaires de l'autorité parentale ou le représentant légal du mineur de cinq ans accomplis qui remplit les conditions de l'article 1^{er} peuvent adresser une demande de modification de la mention du sexe et du ou des prénoms du mineur concerné au ministre ayant la Justice dans ses attributions.

Souguer Kanner vu manner wéi 5 Joer kënnen zivilrechtlech hiert Geschlecht wiesselen, wann hir Elteren dat wënschen. Am Art. 4 heescht et:

Les titulaires de l'autorité parentale ou le représentant légal du mineur de moins de cinq ans accomplis peuvent introduire une requête devant le tribunal d'arrondissement compétent afin d'obtenir la modification de la mention du sexe et du ou des prénoms du mineur.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamme Minister:


- 1) Wéi huet sech säit dem Akraafttriede vun dësem Gesetz d'Zuel vun de Mënschen, gestaffelt no Alterskategorien (bis 5 Joer, 5-12 Joer, 12-18 Joer, iwwer 18 Joer), déi beim Justizministär eng zivilrechtlech Ännerung vun hirem Geschlecht ugefrot hunn, entwéckelt?
- 2) Wéi vill vun den Demanden, déi säit dem 10. August 2018 un de Justizministär gestallt goufen, sinn approvéeiert ginn?
- 3) Leien der Regierung Donnéeë vir, wat déi weltwäit Zuel vu Länner betrëfft, an deenen (a) Kanner vu manner wéi 5 Joer, (b) Kanner tëscht 5 an 12 Joer an (c)

- Kanner tëscht 12 an 18 Joer hiert Geschlecht zivilrechtlech wiessele kënnen, ouni eng medezinesch oder psychologesch Attestatioun virzeweisen?
- 4) Wéi vill Persounen insgesamt gehéieren hei am Land zivilrechtlech engem Geschlecht un, dat net hirem biologesche Geschlecht entsprécht?
 - 5) Leien der Regierung Fäll vu Persoune vir, déi hei am Land hiert Geschlecht zivilrechtlech zweemol gewiesselt hunn (sougenannt "de-transitioner")?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



Roy Reding
Deputéierten